piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De Schäfferot vu Dippech huet informéiert, datt an der Gemeng konkret Pläng fir eng Erweiderung vum Contournement ausgeschafft goufen, déi dem Mobilitéitsministère an engem rezenten Austausch presentéiert goufen an do anscheinend och begréisst goufen.

D'WORT gëtt an engem Artikel vum 16te Mäerz 2026 méi Detailer zu dësem Projet. No Ausso vum Dippecher Mobilitéitsschäffen ass et zwar nach kee formellen offizielle Plang, mee et gouf awer schonn ugekënnegt, datt Planungsopdräg un extern Büroe verginn goufen, fir de konkrete Verlaf vun der Strooss ze analyséieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat ass d'Kommunikatioun zu dësem wichtegen nationale Projet haaptsächlech iwwer d'Gemeng an net iwwer de Mobilitéitsministère gemaach ginn?
2. Wat gouf dem Dippecher Schäfferot konkret vum Mobilitéitsministère zougeséchert an entspriechen d'Aussoe vum Dippecher Schäfferot am WORT-Artikel den Zousoen, déi de Ministère der Gemeng gemaach huet?
3. Wéini ass de Bau vun der Ëmgeeungsstrooss geplangt, a bis wéini soll se fäerdeg gestallt ginn?
4. Wéi soll den Uschloss vum Contournement Dippech-Gare mat dem am Artikel beschriwwene Projet konkret realiséiert ginn?
5. Wéi laang a wéi breet soll den Tracé vum geplangte Contournement sinn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

6. Wéi eng Konsequenzen huet dëse Projet op d'Parkplazen op der Nationalstrooss N5 zu Dippech? Wäerten déi bestoend Parkplazen ewechfalen, a falls jo, sinn Ersatzléisunge virgesinn?

7. Wéi bewäert d'Madamm Ministerin déi proposéiert Streck, a wéi eng Variant gëtt aktuell vum Ministère favoriséiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés